LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
22 DEC. 2016

Luxembourg, le 22 décembre 2016

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire n° 2610 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration Jean ASSELBORN et du Ministre de la Justice Félix BRAZ à la question parlementaire n°2610 du 1er décembre 2015 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER

La question parlementaire de l'honorable Député donne lieu aux observations suivantes :

1. Wär et net mégleich, am Fall, wou et keng geriichtlech Décisioun iwwer d'Suergrecht fir e Kand gët, fir deem Elterendeel, deen eleng d'Suergrecht huet, e Formular ze ginn, dat déi Situatioun certifiéiert an ausdrécklech präziséiert, datt déi Persoun och kann mat deem Kand reesen? Dat entsprecht jo där aktueller legaler Situatioun, an et misst dohir och méiglech sinn, fir dat ze certifiéieren.

Ënnert der aktueller Législatioun hunn, fir Kanner di an enger bestueter Koppel op d' Welt kommen, d' Elteren e gemeinsamt Suergerecht. Do brauch keen Elterendeel d' Erlaabnis vun deem Aneren fir mam Kand ze reesen.

Aus dem gemeinsame Suergerecht ergëtt sech dass an deem Fall och béid Elteren d' elterlech Autoritéit iwwert d' Kanner hunn.

Fir Kanner di an enger net bestueter Koppel op d' Welt kommen a wou d' Kand vun deenen 2 Elteren unerkannt gouf, kann déi gemeinsam elterlech Autoritéit iwwert d' Kand jidderzäit vun deenen zwee Elteren gemeinsam beim *Juge des Tutelles* ugefrot ginn. Dëse Richter stellt dann op Ufro vun den Elteren en Zertifikat fir all Elterendeel aus, dass di 2 Elteren déi elterlech Autoritéit hunn.

Wann een Elterendeel eleng d' Suergerecht huet, huet den aneren Elterendeel am Prinzip e Besuchsrecht a kann och an deem Kader mam Kand an d' Ausland reesen.

E Formulär ass net virgeschriwwen. Laut deenen Informatiounen déi de Ministère huet, ginn et Gemengen déi de Leit e Formulär zur Verfügung stellen.

2. Wär et méglech, dat Formular inhaltlech a sprochlech extra esou ze schreiwen, dat et sech fir Reesen an d'Ausland eegent? Gët et an dem Zësummenhank international Ofkommes, déi esou Situatioune regélen?

En internationalt Ofkommes gëtt et zur Zäit net am Zesummenhang mat Formulären. An der EU gelt jo de Prinzip vun der Bewegungsfräiheet vun de Persounen.

Et gëtt vläicht eenzel auslännesch Autoritéiten déi verlaangen dass deen Elterendeel, deen eleng mam Kand reest, seng elterlech Autoritéit beweisen muss, mee dat ass net d' Regel an hängt vun der Legislatioun vun deem Land of. E Formulär ass net virgeschriwwen. Laut den Informatiounen déi de Ministère huet, ginn et Gemengen déi de Leit e Formulär zur Verfügung stellen.

Op Ufro vun engem oder deenen 2 Elteren kann d' elterlech Autoritéit an de Pass vum Kand geschriwwe ginn. Deen Elterendeel dee mam Kand reest, kann, ausser dem Pass vum Kand, aner offiziell Dokumenter mathuelen (Gebuertsakt vum Kand,...).

3. Ass et prinzipiell méiglech, fir an de Pass vun engem Kand, deem seng Situatioun net geriichtlech geregelt ass, nëmmen dee vun den Elteren androen ze loossen, deen no der aktueller Legislatioun eleng d'Suergrecht huet, fir eventuell Problemer bei Reesen ze verhënneren? Alternativ, wann déi zwee Elteren an de Pass agedroe ginn an et kee Geriichtsuerteel gëtt, miss da präziséiert ginn, wien d'Suergrecht huet also däerf fräi mam Kand reesen?

Beim Pass vun de Kanner ginn op der Säit 2 d' Nimm vu béiden Elteren vermierkt wa béid Elteren am nationale Persouneregister agedroe sinn.

Des Donnéeën ginn direkt aus dem nationale Persouneregister iwwerholl an et ginn och déi komplett Informatiounen iwwerholl.

D' Suergerecht ass am nationale Persouneregister net agedroen a gëtt net an de Pass ageschriwwen.

D' elterlech Autoritéit ass am nationale Persouneregister net agedroen. Si kann op Ufro op der Säit 2 vum Pass vun engem Kand agedroe ginn wann se aus dem Zivilstand vun den Elteren kloer ervirgeet oder opgrond vun zousätzlechen Dokumenter ka bewise ginn.